**adr**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 AOUT 2019
1036

Lëtzebuerg, de 7. August 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Nieft der Wëssensvermëttlung ass d'Primärschoul och déi Plaz, wou sozial Kohäsioun an Integratioun aktiv gelieft solle ginn. Et ass dobäi evident, datt d'Lëtzebuerger Sprooch eent vun de wichtegsten Integratiounsinstrumenter ass an och bleiwe muss. Et ass dofir essentiell, datt d'Léierpersonal d'Lëtzebuergescht op engem ganz héijen Niveau beherrscht, well nëmmen esou déi sproochlech Kompetenz och un d'Schüler weidervermëttelt ka ginn.

An dësem Kontext géif ech dem Här Schoulminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Roll huet d'Lëtzebuerger Sprooch am Kader vun der Ausbildung vum Léierpersonal an der Primärschoul?
2. Wéi ee Sproochen-Niveau (am Hibléck op de gemeinsamen europäesche Referenzkader vun A1 bis C2) muss d'Léierpersonal am Lëtzebuergesche meeschteren, fir kënnen an der Primärschoul ze ënnerriichten? Betrëfft dëse Sproochen-Niveau esouwuel dat geschwaten, ewéi och dat geschriwwent Lëtzebuergesch? Wéini a wéi gëtt dësen Niveau gepréift?
3. Mussen déi sougenannten *Quereinsteiger* déi selwecht Kritären, wat d'Meeschtere vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeet, erfëllen?
4. Gëtt et Kontrollmechanismen déi sécherstellen, datt dee vum Léierpersonal gefuerderte Sproochen-Niveau am Lëtzebuergeschen och effektiv agehale gëtt? Wa jo, wéi gesinn dës Kontrollmechanismen aus?
5. Wéi ee Schoulmaterial gëtt benotzt, fir dem zukünftege Léierpersonal d'Lëtzebuerger Sprooch ze enseignéieren?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

6. Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch am Kader vun der Ausbildung vum Léierpersonal genuch ervirgestrach gëtt? Sollte Coursen iwwer Lëtzebuerger Sprooch a Kultur, wéi si z.B. um „Institut national des Langues" ugebuede ginn, net obligatoresch fir d'Léierpersonal sinn? Oder sollt d'Léierpersonal net encouragéiert ginn, fir esou Couren ze besichen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 7 octobre 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1036 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1) an Ad 2)**

Sämtlech Kandidaten, déi als brevetéiert Léierpersonal agestallt wëlle ginn, mussen sech den "Épreuves préliminaires", Sproochentester, stellen an dës packen, sou wéi am "Règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 2015 déterminant les modalités du concours réglant l'admission au stage préparant à la fonction d'instituteur de l'enseignement fondamental" beschriwwen. Dës Epreuvë ginn zweemol d'Joer organiséiert. An zwou Epreuvë gëtt esouwuel dat mëndlecht, ewéi och dat schrëftlecht Lëtzebuergesch gepréift. Am Lëtzebuergesche ginn déi Kandidate vu béiden Epreuvë dispenséiert, déi noweise kënnen, datt si während 10 Joer eng lëtzebuergesch Schoul besicht hunn, an där déi offiziell Programmer fir déi ëffentlech Lëtzebuerger Schoulen applizéiert goufen. D'Majoritéit vun den zoukënftegen Enseignanten (97,5% vun de Kandidaten, déi sech an der Sessioun 2019 vum Concours en rang utile klasséiert hunn) hunn op d'mannst 10 Joer laang eng lëtzebuergesch Schoul besicht.

D'Enseignantë respektiv d'Persounen, déi als Employé agestallt ginn, an déi kee lëtzebuergesche Secondairesofschloss virweise kënnen, ginn an individuellen Tester d'Sproochekenntnisser ausschliisslech am Mëndlechen an am Héierverständnes vun den administrative Sproochen, wéi an de gesetzlechen Dispositiounen (Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues) virgesinn, evaluéiert. Dës Tester gi fir déi Enseignanten, déi spéider mat engem CDI als Employé am Groupe d'indemnité A2 agestallt ginn, am Kader vun der Astellungsprozedur realiséiert. Déi Kandidaten, déi zu engem spéideren Zäitpunkt mat engem CDD an der Lëtzebuerger Grondschoul d'Léierpersonal wëllen ersetzen, mussen sech nach virum Ufank vum Stage engem Sproochentest stellen, wa si kee lëtzebuergeschen Ofschlossdiplom aus dem Enseignement secondaire virweise kënnen.

Déi eenzel Kommissioune fir d'Préiwe vun de Sproochekenntnisser vum spéidere Léierpersonal setzen sech jee no Kommissioun aus Direkteren an Adjointen aus den Direktioune vum Enseignement fondamental, experimentéierten Enseignanten an/oder Vertrieder vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend zesummen. An den eenzelne Kommissiounen ass och jeeweils een Observateur dobäi. D'Kommissiounen hunn deen néidegen Knowhow fir anzeschätzen, ob ee Kandidat a punkto Lëtzebuergeschkenntnisser gëeegent ass, fir an der Lëtzebuerger Grondschoul ze intervenéieren.

127-000188-20040816-FR



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Ad 3)**

Jo, déi sougenannten *Quereinsteiger* mussen déi selwecht Critèren, wat d'Meeschtere vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeet, erfëllen.

**Ad 4)**

Scho viru respektiv während der Astellungsprozedur gëtt séchergestallt, datt d'Enseignanten déi néideg sproochlech Kompetenzen hunn, fir ze enseignéieren.

**Ad 5)**

Wéi schonns ernimmt, gëtt séchergestallt, datt dat zoukënftegt Léierpersonal déi néideg sproochlech Kompetenzen huet. Fir dëst ze iwwwerpréiwen, ginn Niveaue festgeluecht, déi mussen erreecht ginn. Ginn dës net erreecht, kann de Kandidat och net als Enseignant agestallt ginn. Et gi weder geziilt Coursen, nach spezifescht Schoulmaterial fir Kandidaten, déi dës Niveauen nach net erreecht hunn an deemno net konnten als Enseignant agestallt ginn. Dës Leit hunn, wéi sämtlech Persounen och, d'Méiglechkeet, Lëtzebuergeschcoursen ze suivéieren, fir déi néideg sproochlech Kompetenzen ze erreechen.

**Ad 6)**

Am Kader vum Concours, deem sech déi zoukënfteg Enseignantë stellen, bezitt sech eng Epreuve, déi vu sämtleche Kandidate muss absolvéiert ginn, reng op d'Lëtzebuerger Kultur. Am Kader vun dëser Epreuve kréien déi zoukënfteg Enseignanten zwee Wierker, an deenen Informatiounen iwwert d'Lëtzebuerger Geschicht, d'Lëtzebuerger Kultur, d'Sproochesituatioun hei zu Lëtzebuerg an d'Entwécklung vun der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg zesummegefaasst sinn. Déi entspriechend Epreuve ënnersträicht d'Wichtegkeet, déi der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur am Kader vun der Astellungsprozedur vum lëtzebuergesche brevetéierte Léierpersonal zougeuerdent gëtt.

D'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch läit mir besonnesch um Häerz. Dobäi gëtt sech net op d'Enseignanten am Eenzelnen, mä op d'Gesellschaft am Ganze konzentréiert. Natierlech profitéieren d'Enseignantë vun de Mesuren, déi am Strategiepabeier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, am Mäerz 2017, ugeholl goufen. D'Brochure "Gewosst wéi" an den Internetsite www.schreiwen.lu, déi der Lëtzebuerger Gesellschaft d'Schreifweis vum Lëtzebuergesche méi nobréngt, de Service LOD, deen eng Helpline fir Froe ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch ubitt, an déi sëlleche kulturell Projeten a Lëtzbuerger Sprooch sinn nëmmen dräi Mesuren, déi am Kader vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ëmgesat ginn, a vun deene sécherlech och eng Villzuel vun Enseignantë profitéieren.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse